Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

15.8.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Walfer :)

17 **Aug** *2017*

(comments: 0)

D'Gemeng Walfer geet mam Beispill fir: :) :) :)

Mat enger méisproocheger Internetsäit.

Bal all déi aner Gemengen hunn eesproocheg Säiten.

Nach besser wier och nach eng lëtzebuergesch Versioun oder op mannst mol eng (an enger éischter Phas) systematesch Begréissung op Lëtzebuergesch wou een dann d'Sprooch wielen kann, sou wei bei der ADEM: adem.lu

Komescherweis nennen si sech awer "commune de Walferdange", ...sou seet dach keen!

An leider sinn praktesch all d'Stroossenimm an soss Bezeechnungen net op Lëtzebuergesch.

Eis Ziler, déi dozou passen:

2. D'Lëtzebuerger Sprooch muss nees vill méi präsent sinn am Alldag.

2.1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäiten vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen.

2.4. Datt een hei am Land liewen a schaffen kann mat Däitsch oder Englesch ouni zwéngend Franséisch mussen ze kënnen (All Formulairen vun den Administratiounen sollen och op Lëtzebuergesch oder Däitsch zur Verfügung gestallt ginn, déi wichtegst och op Englesch). Sou kéinten d'Auslänner sech éischter op déi Lëtzebuerger Sprooch konzentréieren.

2.5. D'Lëtzebuerger Kultur (Konscht, Traditiounen, Geschicht, Patrimoine) muss gefërdert ginn.

All eis Ziler: http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Lëtzebuergesch ass wichteg als Integratiounssprooch an et ass d'Sprooch vun eisem Land.

Mir fuerderen e gesetzlech festgeluechte Moossnamekatalog fir (a) den auslänneschen Matbierger et besser ze erméiglechen an (b) si och ze motivéieren d'Sprooch ze léieren: Informatiounscampagnen, méi Sproochecoursen, eng méi héich Präsenz am Alldag, zum Beispill op Internetsäiten, Stroosseschëlter a Panneauen. Wéi soll een d'Sprooch léieren wann een net a Kontakt kënnt mat hir?

Och d'Auslänner géifen sech wënschen wann méi op Lëtzebuergesch wier an wann eis Sproch en méi héijen Stellewäert hätt.

Sou den Vusal Gafaorw zum Beispill:

http://www.journal.lu/article/luxemburgisch-sollte-im-alltag-praesenter-sein/

Read more … 15.8.2017 De Gemengencheck 2017: D'Gemeng Walfer :)

3.8.2017 De Fred Keup am Wort an um RTL

14 **Aug** *2017*

(comments: 0)

Am Wort vum Donneschden, 3. August 2017:

https://www.wort.lu/de/politik/wee-2050-nee-2015-neinsager-in-lauerstellung-5981d229a5e74263e13c51b9

Am Journal vun RTL Télé Lëtzebuerg war de Fred Keup vun der Beweegung "Wee 2050, Nee 2015" Invité um Plateau:

http://www.rtl.lu/letzebuerg/1064696.html

Hei sinn d'Ziler vum Wee2050:

http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 3.8.2017 De Fred Keup am Wort an um RTL

28.7.2017 Schued dass all déi wichteg Jubiläumen an d'Gambia-Zäit gefall sinn.

14 **Aug** *2017*

(comments: 0)

Bei der aktueller Regierung steet et schlecht fir eis Geschicht:

Keng vum Staat organiséiert Ausstellung iwwert den 1. Weltkrich,

kee Fest fir 175 Joer Onofhängegkeet,...

Schued dass all déi wichteg Jubiläumen an d'Gambia-Zäit gefall sinn, an dowéinst net anstänneg drun erënnert gouf.

Gëschter, de 27. Juli 2017 hätt den 1. Groussherzog aus eiser Dynastie 200 Joer kritt.

De Groussherzog Adolph von Nassau-Weilburg ass de 27. Juli 1827 zu Wiesbaden gebuer ginn an am Joer 1890 Groussherzog vu Lëtzebuerg ginn. Hien ass den Ur-ur-Grousspapp vum aktuelle Groussherzog Henri.

2014: 175 Joer Onofhängegkeet

2014: 100 Joer Ufank vum 1. Weltkrich

2015: 200 Joer Wiener Kongress

2015: 125 Joer Dynastie Nassau-Weilburg

2017: 150 Joer 2. Vertrag vu London

Read more … 28.7.2017 Schued dass all déi wichteg Jubiläumen an d'Gambia-Zäit gefall sinn.

18.7.2017 Dem Ministère seng 30 Experten fir d'Aféiere vum Franséischen an der Spillschoul.

31 **Jul** *2017*

(comments: 0)

De Ministère presentéiert 30 Experten an dat fir d'Aféiere vum Franséischen an der Spillschoul.
Ee vun deenen "neutralen" "Experten" ass d'Laura Zuccoli, Presidentin vun der ASTI.

Ënnert den "Experten" sinn nach aner politesch Aktivisten, déi net neutral sinn, wéi z.B. de Gilbert Pregno.

Verschidden "Experten" gi mat engem Zitat presentéiert, dat näischt direkt mam Thema ze dinn huet, wéi z.B. de Romain Martin an d'Christine Hélot.

Verschidden Experten hu sech schonn an der Vergaangenheet fir e méi spéit Aféiere vum Franséischen ausgeschwat, also de Contraire vun elo, sou wéi de Romain Martin.

Op mannst een Expert gëtt falsch presentéiert: de Gerard Gretsch ass net (méi) op der Universitéit Lëtzebuerg.

Vill "Experten" aus dem Ausland schwätze vun zweesproocheger Erzéiung, woubäi et hei zu Lëtzebuerg fir zwee Drëttel vun de Kanner dann schonn 3 oder 4 Sproochen sinn, déi si am Spillschoulsalter léiere mussen. (Annick De Houwer, François Grosjean, Ofelia García, Ellen Bialystok)

A verschidden Experte soe mat hirem Zitat eigentlech de Contraire vun deem wat den H. Meisch maache wëll, sou d'Martine Pinzi, si seet dass d'Mammesprooch méi misst gefërdert ginn.

http://www.men.public.lu/catalogue-publications/enfance-jeunesse/infos-generales-offre/170711-meisproochegkeet-broch/Meisproochegkeet-depliant.pdf

Read more … 18.7.2017 Dem Ministère seng 30 Experten fir d'Aféiere vum Franséischen an der Spillschoul.

6.7.2017 Merci un d'Politiker aus dësen Gemengen fir Lëtzebuergesch Stroossennimm.

06 **Jul** *2017*

(comments: 0)

Bravo un déi verantwortlech Gemengepolitiker!

Firwat sinn eis Stroossennimm eigentlech net alleguer an eiser Sprooch?

Gëtt et e Grond fir de Stroossen Nimm an enger Friemsprooch ze ginn, nodeems Lëtzebuergesch schonn 1984 de Statut vun National- an Amtssprooch krut?

Firwat gëtt de lëtzebuergeschen Numm meeschtens "schif" geschriwwen, sou wéi wann dat net sou wichteg wier?

Dobäi kënnt, datt all eis Dierfer an eis méi al Stroosse jo am Original Lëtzebuergesch Nimm hunn. Firwat benotze mer d'Original net?

Op der Foto:
Tandel, Kielen, Käerch, Ëlwen, Rëmeleng, Betzder, Wäisswampech

Souguer an eisen Nopeschlänner gëtt et lëtzebuergesch Stroossennimm:

am Areler Land an der Gemeng Atert: hei

an der "moselle germanophone" zu Forbach (Platt) hei

Ziler vum Wee2050:

http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Wann dir eis Initiativ wëllt ënnerstëtzen dann kënn Dir dat maachen mat engem Don:
http://wee2050.lu/index.php/spenden.html

Read more … 6.7.2017 Merci un d'Politiker aus dësen Gemengen fir Lëtzebuergesch Stroossennimm.